N°7431
Entrée le 06.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7431 vum 2. Januar 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Chasse aux sangliers"**

**1. An de järleche Berichter vum Ëmweltministère fënnt een ëmmer nëmmen d'Ofschlosszuelen, mee net d'Bestandszuele vun de Wëllschwäinpopulatiounen erëm.**

- **Firwat ginn op deene Plazen, op deenen "ze vill" Wëllschwäi sinn, keng Zielunge virgeholl?**

Zielunge vu Wëlldéieren ass zum engen oft net machbar, zum anere géifen d'Resultater an dësem Fall wéineg aussoen. D'Wëllschwäin hale sech net permanent op enger Plaz op, mee wandere vill, sou dass och d'Kenntnis iwwert déi genee Unzuel vu Wëllschwäin op enger bestëmmter Plaz zu enger bestëmmter Zäit am Beräich vum Management vun dëser Aart net vu Virdeel wier.

- **Ab wéi vill Unitéite sinn op enger Plaz "ze vill" Wëllschwäin?**

Ze vill Wëllschwäi sinn op enger Plaz an deem Moment wou hiren Impakt negativ ass, spréch wou si Schied u Buedem a Planzen, u landwirtschaftlechen a forstwirtschaftleche Kulturen, oder souguer a Privatgäert maachen. Eng kleng Populatioun op enger sensibeler Plaz ka ganz vill Schued uriichten, eng gréisser Populatioun op enger anerer Plaz manner, an de Schued hänkt och vill dovunner of, wéi laang e Familljeverband (Rott) sech op enger Plaz ophält.

- **Fir wat gëtt kee Plang opgestallt, dee quantifizéiert duerleet, wéi vill Wëllschwäin op enger Plaz liewen a wéi vill Wëllschwäin de Ministère op dëser Plaz wéilt hunn (Ist-Soll-Analyse)?**

Aus den uewe genannte Grënn ass et net sënnvoll dëst ze maachen. Vue dass awer gewosst ass, dass d'Populatioun vun de Wëllschwäi kontinuéierlech wiisst (cf. Bulletin technique de l'Administration de la nature et des Forêts en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse) an d'Problematik déi domat hiergeet sech verschäerft, sollt een ustriewen d'Populatioun landeswäit ze reduzéieren.

**Am RTL-Interview vum 28ten Dezember schwätzt de Conseiller vum Ëmweltministère dovunner, dass de Bien-être animal primordial ass an een do wéilt Verbesserunge maachen, zum Beispill fir d'Zuel vun de blesséierten Déieren ze reduzéieren.**

- **Ginn et Zuelen doriwwer, wéi vill Déiere falsch ugeschoss gi sinn? Falls jo, kann d'Ministesch mir d'Zuele vun de vergaangenen 3 Joer virleeën?**

Et leie keng Zuelen iwwert d'Unzuel vun ugeschossenen Déiere vir, also vun Déieren déi duerch ee Schoss just blesséiert gi sinn.

- **Falls nee, wéi wëll d'Ministesch dofir suergen, fir dass manner Déiere falsch ugeschoss ginn, wann een net bemoosse kann, wéi vill der falsch ugeschoss ginn?**

All Déier wat muss leiden, well et net direkt déidlech getraff gouf, ass eent zevill. All Jeeër ass bestrieft, dass et guer net zu esou Fäll kënnt. Eng nach besser Aus- a Fortbildung, d'Erlabe vun der noutwenneger Technik an eng verstäerkte Sensibilisatioun sollen hëllefen, d'Unzuel vun esou Situatiounen nach weider ze verréngeren.

**3. Fir wat mengt d'Ministesch, dass d'Notze vun Nuetsiichtgeräter fir eng Verbesserung wäert suergen?**

Zum engen ass et duerch den Asaz vun Nuechtziltechnik méiglech, ee bessere Schoss an der Dämmerung ofzeginn, am Sënn vun der Präzisioun. Dëst kann zu manner blesséierten Déiere féieren, wat jo am Sënn vum Déiereschutz ass.

Zum aneren ass et méiglech, dass de Jeeër iwwerhaapt bei manner gudde Liichtverhältnisser op d'Juegd ka goen, a sou den Ofschossplang besser kann erfëllen.

**4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass méi Klappjuegten a Beweegungsjuegte mussen ofgehale ginn, fir d'Wëllschwäinpopulatiounen ze reduzéieren?**

Den aktuelle Wëssensstand ass deen, dass zu Lëtzebuerg d'Beweegungsjuegd dat effektiivste Mëttel ass fir Wëllschwäin ze bejoen.

Aktuell gëtt am Kader vun engem Aarbechtsgrupp ee Gestiounsplang fir d'Wëllschwäin ausgeschafft, dee verschidde Méiglechkeeten ënnert d'Lupp hëllt.

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung